# Gratis Theater- a Kreativ-Workshops

Am Kader vum Weekend vum Wëlle Westen, deen den 8. an 9. Juli 2023 am Schiefermusée zu Uewermaartel stattfënnt, plangt den Réidener Kanton an Zesummenaarbecht mat der Theaterpädagogin Laetitia Lang Theater- a Kreativ-Workshops zu den Themen Seeërcher aus dem Réidener Kanton. D'Resultater dovunner ginn um Weekend vum Wëlle Westen présentéiert. Et sinn keng Virkenntnisser néideg an d'Workshops sinn gratis. Net bei allen Workshops ass eng Präsens um Weekend vum Wëlle Westen néideg.



Méi Informatiounen
Plus d'informations

www.visitwellewesten.lu
visitwellewesten



## Kanner-workshop

**Alter: 7-12 Joer**

Zesummen entwéckele mir Geschichte ronderëm d'Seeërcher aus dem Réidener Kanton. Mat verschiddene Méttel wéi Molerei, Audio a Video experimentéiere mir zwee Deeg laang, an erfanne Seeërcher nei. Präsens um Weekend vum Wëlle Westen ass net néideg.

**Terminer:**

**Samschdes den 22. Abrëll**
15h00-17h00
Centre Culturel
Ueschdref

**Samschdes den 20. Mee**
15h00-17h00h
Centre Camille Ney
Ell



## Tounspuer & Audio Workshop


**Alter: ab 16 Joer**

Nach ni war et sou einfach Audiogeschichten a Soundgeschichten technesch ze erzielen. Zesummen dekonstruéiere mir Geschichte vun de Seeërcher aus dem Réidener Kanton, a sëtzen se nees zesummen, vertounen se, experimentéiere mat Sound a loossen eiser Fantasie fräie Laf. Präsens um Weekend vum Wëlle Westen ass net néideg.

**Terminer:**

**Samschdes den 22. Abrëll**
10h00-14h00
Centre Culturel
Ueschdref

**Sonndes den 23. Abrëll**
14h00-18h00
Centre Culturel
Ueschdref



## Theater-performance vir Erwuessener

**Alter: ab 16 Joer**

Zesummen entwéckele mir, mat Hëllef vun theaterpädagogesche Methoden, eng kleng Performance zu de Seeërcher aus dem Réidener Kanton. Mir improviséieren, schaffe mat Texter, Beweegung a Sound. D'Resultat gëtt de Weekend vum 8. an 9. Juli am Kader vum Wëllen Westen opgefouert.

**Terminer:**

**Samschdes den 20. Mee**
10h00-14h00
Centre Camille Ney
Ell

**Sonndes den 21. Mee**
14h00-18h00
Centre Camille Ney
Ell

**Samschdes den 10. Juni**
10h00-14h00
am Centre Nei Brasilien
Gréiwels

**Samschdes den 01. Juli**
10h00-14h00
Festsall
Säll

**Umeldung a Froen zu dëse Workshops:**

**info@visitwellewesten.lu**
**T +352 28 33 45**

**TouristInfo Wëlle Westen**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T +352 28 33 45 10
info@visitwellewesten.lu
www.visitwellewesten.lu

@visitwellewesten